N°7185
Entrée le 05.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7185 vum 15. November 2022 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert "Pâturage"**

**Sitt Dir der Meenung, dat d'Beweedung muss no feste kalendareschen Datumer gereegelt ginn, wuelwëssend datt d'Natur sech net un Datumer hält?**

Dat groussherzoglecht Reglement vum 16. Abrëll 2021 (Règlement grand-ducal du 16 avril 2021 délimitant les zones de protection autour du lac de la Haute-Sûre et déterminant les installations, travaux et activités interdites, réglementées ou soumises à autorisation dans ces zones et modifiant le règlement grand-ducal du 11 septembre 2017 instituant un ensemble de régimes d'aides pour la sauvegarde de la diversité biologique en milieu rural) fir d'Ausweisung vun den Drénkwaasserschutzzone ronderëm de Stauséi huet als Zil eis gréissten Drénkwaasserressource virun alle méiglechen negativen Impakter ze schützen déi duerch verschiddenst Aktivitéiten (Siedlungswaasserwirtschaft, Landwirtschaft, etc.) kënnen entstoen.

Well d'Beweedung besonnesch um Enn vum Hierscht a wärend de Wanterméint kann zu enger Belaaschtung vun der Waasserqualitéit féieren, steet am Reglement dass eng Wanterbeweedung tëschent dem 16. November an dem 15. Februar net stattfanne kann. Wann allerdéngs séchergestallt ass, datt nach genuch Fudder um Feld ass an et net zu enger Iwwerbeweedung ka féieren, kënnen d'Déieren all Dag wärend e puer Stonnen erausgoen. Dës Formulatioun gouf extra integréiert, nodeems d'Demande vum Secteur dofir am Kader vun der Consultation publique komm ass.

Dëst erlaabt de Betriber, hier Déieren am Wanter kuerz erauszeloossen. Besonnesch klenge Familljebetriber oder Päerdsbesëtzer, déi hir Terrainen no beim Stall hunn, erlaabt dëst, d'Déieren och ganz kuurzfristeg erauszeloossen. D'Formuléierung aus dem groussherzogleche Reglement erlaabt deemno elo schonn eng bestëmmte Flexibilitéit en Fonctioun vun den natierleche Gegebenheeten. Déi Datume sinn ee Kompromëss tëscht Waasserschutzaspekter an de Besoinen vum Secteur fir Rechts- a Planungssécherheet. Den Datum ass iwwregens esou gewielt, dass e mat den Virgaben am Kader vun der Nitratdirektiv alignéiert ass, fir eng Multitude vu verschiddenen Datume fir de selwechten Secteur ze vermeiden. Des Weideren ass de 16. November relativ spéit am Joer, wou d'Wiederkonditioune souwisou dacks net méi ganz favorabel si fir eng Beweedung.

**Sitt Dir net der Meenung, dat eng Beweedung vun de Wisen wéinst den aktuell héijen Temperaturen am Moment esou guer virdeelhaft wier, souwuel fir d'Natur, wéi och fir d'Déieren?**

Och wann d'Temperaturen dëst Joer am Duerchschnëtt méi héich waren, sinn déi aktuell Wiederkonditioune mat villem an heefegem Reen net onproblematesch, wat d'Auswäschung vun de Närstoffer ugeet.

Wann d'Wiederkonditioune méi naass sinn, ginn d'Fläche nämlech méi duerch de Véihtrëtt beschiedegt a wat méi Déiere méi laang op enger Weed stinn, wat de Véihtrëtt méi Schued um Buedem verursaacht. Dee Moment gëtt de Buedem an déi doran enthale Närstoffer vum Reen ausgewäsch. Gläichzäiteg ginn am Wanter, wa keng Vegetatiounsperiod ass an d'Planzen also net wuessen, manner Närstoffer vum Buedem a vun de Planzen opgeholl. Dowéinst ginn déi Närstoffer dann eben bei Reen a Richtung Baach ausgewäsch. Dee Risiko ass natierlech méi grouss, wat et méi reent. Doduerch ginn d'Niewebaachen an de Stauséi - eis wichtegst Drénkwaasserressource - belaascht. A genee fir dat ze verhënneren, sinn d'Bestëmmunge vum groussherzogleche Reglement do.

**Firwat kënnen et Ausnamen fir Ganzjoeresbeweedung ginn, wann déi klassesch Mammekéi awer mussen ab dem 16. November vun der Weed geholl ginn?**

Am Indice 32 vum uewe genannte groussherzogleche Reglement stinn déi genee Konditiounen déi mussen erfëllt ginn, fir dass d'Déieren iwwert den Datum vum 16. November eraus kënnen dobaussen op der Weed bleiwen. Et muss een nidderege Véihbesatz pro Hektar sinn (maximal 0,8 Düngeeenheete pro Hektar), et muss genuch Weed do sinn, déi net komplett duerchnässt ass an et muss een ee Regëster féieren. Wann dës 3 Konditiounen erfëllt sinn, kënnen d'Déieren op der Wee bleiwen. D'Mammekéi sinn net vun dëse Bestëmmungen ausgeschloss.

**Kënnen fir d'Mammekéi Ausnamen ugefrot ginn?**

Wéi uewe präziséiert si Mammekéi net ausgeschloss.

**Missten déi Ausnamen net innerhalb vun e puer Stonnen respektiv innerhalb vun e puer Deeg geneemegt ginn, well d'Beweedung wiederofhängeg ass?**

Dat groussherzoglecht Reglement gesäit verschidden Derogatiounsméiglechkeete vir. Heifir mussen awer déi gängeg Autorisatiounsprozeduren agehale ginn, dat heescht dass d'Decisioune mussen offiziell ausgehaange ginn. Dëst ass deemno net an e puer Stonne méiglech.

Landwirtschaftlech Betriber kënnen esou eng Derogatioun natierlech och schon am Laf vum Joer ufroen - dëst gëtt och recommandéiert - sou dass si d'Beweedung iwwert de 16. November eraus schonn no den uewe genannten Kritäre plange kënnen.

**Wéi séier ginn am Normalfall d'Ausnamen autoriséiert?**

D'Bestëmmungen zu den Derogatiounen zu de Beweedunge si réischt dëst Joer a Kraaft getrueden, dofir leien nach keng statistesch Donnéeë vir.

**Ass d'Regierung bereet, dat betreffend Reglement unzepassen? Wa jo, wéini? Wa nee, fir wat net?**

Wéinst dem extrem wichtege Schutz vun eiser gréisster Drénkwaasserreserve si keng weider Ouverturen niewent deenen uewendriwwer beschriwwenen virgesinn.

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung